# d'Peffermillen

Am 1. Weltkrich gouf onst Land e.a. dowéinst als "deutschfreundlich" ugekuckt, well ons Stolindustrie di preisesch Waffenindustrie beliwert huet. Säithier, gët ëmmer neess behaapt, géif zu Lëtzebuerg keng Waff, och keen Deel vun enger Waff produzéiert gin a Lëtzebuerg wär ganz onschëlleg am internationale Waffenhandel. De Koschter huet schon e puermol drop higewisen, dass dat op mannst um kommerzielle Plang nët stëmmt a bei eis duerchaus Waffegeschäfter ofgewéckelt gin, jo och Waffen um Findel an Transit sin (Cargolux ...). Mä lo gouf de Koschter gewuer, dass hei och Waffendeeler produzéiert gin: d'MMR-A zu Rodange baut Panzerketten an d'Hydrolux, eng Paul-Würth-Filial, baut hydraulesch Aggregater, di e.a. a Panzer a Militärcamionen agebaut gin. Ons Onschold as geschwënn dohinn...
Dës Tatsaache gin am leschte STATEC-Bulletin (Nr. 8/1983) iwert den Aussenhandel bestätegt: An der Kategorie "Armes et munitions" huet Lëtzebuerg an de Joren 1973-81 am Duerchschnëtt fir 5-6 Millioune Frang exportéiert. 1982 as dee Chiffer an engem Siess op 13 Milliounen eropgaang. Dat selwecht gëlt fir den Import: 1973-81 gouf all Joer fir ronn 38-4o Millioune Frang Waffen a Munitioun agefouert; 1982 woren dat op eemol 52 Milliounen. m.p.

*

Verschiddentlech liest een an enger bestëmmter Press, d'Mënscherechtssituatioun an der UdSSR wär trotz allem am gaang sech ze besseren. Dass dat scho quantitativ nët stëmmt, weisen di heefeg Noriichten vu neie Prisonéier, di wéinst hierer politescher oder reliöser Meenung an engem Aarbechtslager landen, vu Judden, di wëllen auswanderen, nët ze schwetzen. Mä och qualitativ gin d'Rechtsstaatregele weider ofgebaut: säit dem 1.1o.1983 däerf e Prisongsdirekter eng Strof bis zu 5 Joer verlängeren, ouni dass e Geriicht doriwer ze befannen hätt. Och esou Gesetzer droe kaum derzou bäi, di international gespaante Lag ze verbesseren an am Westen d'Mëstrauen géintiwer dem Kreml ofzebauen. christ

*

De Koschter huet sëngen Ae nët getraut: Schreift dach nët den Hd. a sëngem Leitartikel vum 7.1.84, de Poopst hätt elo endlech (!) fir de 17. Weltfriddensdag (1.1.84) kloer Stellung geholl zugonschte vum Naturrecht op "Selbstverteidigung" an domat zugonschte vun der atomarer Ofschreckung als legitimem Mëttel. De Koschter fënnt zwar nët een entspriechende Saatz am Poopst sëngem Message (LW,3o.12.83), mä dat as nët entscheedend. Well de Poopst huet säit laangem d'atomar Ofschreckung als legitim unerkannt, spéitstens a sëngem Message un d'UNO-Ofrüstungskonferenz am Juli 1982! An all Bëschofskonferenzen, di e Friddenshiertebréif erausgin hun, beruffe sech op dee Poopsttext. Mä de Jean-Paul II, seet am selwechte Saatz, an d'Bëscheef mat him, di atomar Ofschreckung wär jhust provisoresch z'akzeptéieren a mer missten drophischaffen, de Fridde mat manner geféierleche Mëttelen ze sécheren! Dem Hd. säi Saatz vum 7.1.84 weist also, dass en dem Poopst sëng Texter ganz schlecht kennt, an de Bëscheef hir Friddenshiertebréifer (USA, BRD,...), géint déi e säit Méint, an och do neess, polemiséiert, anscheinend guer nët gelies huet. "Quod erat demonstrandum" (Hd. dixit). m.p.